



**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°3421 du 9 janvier 2026 de l'honorable député Sven Clement au sujet de la sécurité et de l'origine des compteurs électriques intelligents (Smarty)**

**1. Kann de Minister eis soen, wéi eng Hiersteller déi aktuell zu Lëtzebuerg installéiert intelligent Stroumzieler (Smarty) an deenen hir Kommunikatiounsmodullen produzéieren?**

No Informatiounen vun den Netzbedreiwer ginn all Stroumzieler zu Lëtzebuerg vum fransésche Fournisseur Sagemcom Energy & Telecom SAS produzéiert.

D'Kommunikatiounsmoduler, déi op der elektronischer Platine vum Zieler verbaut ginn, gi vun der amerikanescher Firma Maxim Integrated products Inc (fir d'Power Line Communication (PLC)) respektiv vun der franséscher Firma Sierra Wireless S.A. (fir GPRS an LTE) hiergestallt.

**2. Kommen an de lëtzebuergesche Smart Meters Komponente vum chineeseschen Hiersteller Kaifa oder vun anere chineesesche Firmen, déi ënner direktem oder indirektem staatlechen Afloss stinn, zum Asaz?**

Et komme keng sécherheitsrelevant Komponenten, Geräter, Systemer oder Software vu Shenzhen Kaifa Technology Co Ltd oder anere chineesesche Firmen an den zu Lëtzebuerg installéierten intelligente Stroumzieler zum Asaz.

**3. Wéi eng spezifesch Sécherheitsanalysen oder Audits goufen am Virfeld vun den Ausschreibungen duerchgefouert, fir sécherzestellen, datt keng "Backdoors" oder Méiglechkeete fir Fernmanipulatioun an der Hardware oder Firmware verstoppt sinn?**

Am Ufank vum Projet Smart Meter zu Lëtzebuerg gouf, an Zesummenaarbecht mam „Interdisciplinary Centre for Security, Reliability and Trust (SnT)“ vun der Universitéit Lëtzebuerg an engem externe Consultant, e Sécherheitskonzept fir de Système Central an d'intelligent Stroumzieler ausgeschafft an implementéiert.

Ee Prinzip vun dësem Konzept ass, dass et keng direkt Verbindung - weder vun de Stroumzieler nach vum Système Central - mam Internet gëtt. All Kommunikatiounen lafen iwwer verschlüsselt Protokollen an eng eege Public Key Infrastructure (PKI), also eng digital Sécherheitsinfrastruktur, fir déi komplett Maîtrise iwwer d'Sécherheet ze hunn.

**4. Ginn d'Smart Meters an hir Komponenten als "kritesch Infrastruktur" oder "kritesch Komponenten" am Sënn vun der nationaler Sécherheitsstrategie an der NIS2-Direktiv klassifizéiert?**

Aus Sécherheitsgrënn sinn Informatiounen iwwer déi kritesch Infrastrukturen zu Lëtzebuerg net ëffentlech.

**5. Wéi gëtt d'Liwverkettens-Sécherheet (Supply Chain Security) garantéiert, fir ze verhënneren, datt bei geopolitesche Spannungen d'Liwverung vun Ersatzdeeler oder Software-Updates ënnerbrach gëtt?**

No Informatiounen vun de Fournisseuren vun den zu Lëtzebuerg installéierten intelligente Stroumzieler gëtt versicht, d'Liwverkettens-Häresichtlech Réimaterialien esouwäit wéi méiglech ze diversifizéieren, fir de Risiko vun enger Penurie op deem Niveau ze reduzéieren. D'Software gëtt vun europäesche Fournisseuren developéiert fir op deem Punkt de Risiko och kleng ze halen. Fir doriwwer eraus den Impakt vun eventuelle

geopolitische Spannungen ze minimiséieren, ginn d'Liwwerungen esouwäit wéi méiglech wäit am viraus geplangt.

**6. Goufen an de Kontrakter mat de Liwwerante spezifesch Klauselen opgeholl, déi den Netzbedreiwler bei Sécherheetsbedenken eng direkt Opléisung vum Kontrakt oder e Wiessel vum Fournisseur erméiglechen?**

Et goufe verschidde Mechanisme festgehalten, wéi a Problemfäll ka reagiert ginn. Well e Wiessel awer ëmmer technesch opwänneg a laangwiereg ass, gouf mat méiglechst vertrauenswürdegen europäesche Fournisseuren zesummege schafft fir esou Problemfäll vun Ufank un ze evitéieren.

**7. Wéi bewäerten de Minister de Risiko, datt iwwee dës Komponente sensibel Benotzerdaten ofgegraff oder d'Stroumversuergung duerch Drëtter gezielt gestéiert kéint ginn?**

Doduerch dass d'Kommunikatioun téschent de Stroumzieler an de Netzbedreiwler verschlüsselt ass, d'Schlëssele vun der eegener PKI generéiert a verwalt ginn, an zu kengem Moment eng oppe Verbindung mam Internet besteet, gëtt de Risiko fir eng Fuite oder Manipulatioun vun Donnéeën als ganz geréng bewäert.

Luxembourg, le 29/01/2026  
Le Ministre de l'Économie, des PME,  
de l'Énergie et du Tourisme  
(s.) Lex Delles